



REÇU

Par Christine Wirtgen , 15:15, 02/03/2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 02 MARS 2021

**Objet : Question parlementaire n°3644 du 15 février 2021 de Monsieur le Député Léon Gloden
concernant les cambriolages**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3644 vum 15. Februar 2021 vum honorabelen Députéierten Léon gloden iwwert « Abréech »

Ad 1):

Duerch eng ëmmer méi performant a konsequent Ofsécherung vun de private Wunnengen an duerch méi Opmierksamkeet säitens de Bierger kënn et zu manner tatsächlech realiséierten Abréech, mee et bleiwt beim Versuch. Dëse Phänomen ass notament och an Däitschland feststellen.

D'Täter kommen entweder net méi an d'Wunnengen eran oder gi gestéiert duerch Alarmanlagen, duerch d'Police, déi éischer op der Platz ass, wann se dat direkt gemellt kritt, etc.

Ad 2)

D'Police huet während der Campagne 2020-21 ronn 30% méi Patrullen an deem Kader gemaach wéi während der Campagne 2019-20. De Gesamttotal vun alle konstatéierten Infraktiounen an deem Beräich, souwuel a bewunnten wéi an net bewunnten Immeublen, ass während dëser Campagne em ronn 15% erogaangen par Rapport zum leschte Joer.

Ad 3)

Déi zousätzlech Aufgaben am Beräich 'couvre-feu' sinn haaptsächlech vu Verkéiersunitéiten assuréiert ginn, déi am Alldag éischer seelen esou spezifesch 'anti-cambriolage'-Patrulle fueren.

Allerdéngs hunn déi sanitär Precautiounen déi duerch d'Pandemie noutwendeg gi sinn e gréisseren Impakt op d'Ausféiere vun de Police-Dispositiver, well keng gréisser Kontrolle kënne gemaach ginn zu e puer Unitéiten well d'Personal am Alldag net méi alleguer zesumme schafft. Dëst huet natierlech och seng Auswierkungen op d'Envergure vun den "anti-cambriolage" Kontrollen.

Ad 4)

Niewt weidere präventiven a visibele Police-Patrullen gëtt den Accent op weider Präventiounscampagne säitens der Police gesat, dat bei weidere gréissere generellen Aktiounen ('départ en vacances', europäeschen Dag ouni Abroch, etc.) an och bei eenzelne méi spezifesch Aktiounen (Präsenz während der Foire de logement, Asaz vun der neier Präventiouns-Camionnette vun der Police zum Thema Abrochspräventioun bei gréissere Manifestatiounen mat Berodung op der Plaz, etc.). Donieft sinn awer och all Gemenge vun der Police ugeschriwwen gi fir bei den Autorisations de bâtir vu Privatwunnengen den Informatiounsflyer vun der Police zum Thema Abrochspräventioun bäizeleeën. Zousätzlech dozou kruten och all Gemengen eng informatesch Versioun dovunner geschéckt fir dat an hirem Reider ze publizéieren, wat och a ville Gemenge gemaach gouf. All déi Aktiounen hunn ëmmer als Haaptschwéierpunkt d'Sensibilisatioun vum Bierger par Rapport zu der Thematik Abroch an den eenzele Protektiounsméiglechkeeten.

Ad 5)

Et gëtt hei keng Relatioun, well déi Zort vun Abriecher net um Klau vun Autoen interesséiert ass.

Ad 6)

A kengem vun deenen opgelëschte Fäll während dëser Campagne kann ee vun Home-jacking schwätzen.

Ad 7)

All Quartieren an alle Stied, wou Residenze stinn, kënne betraff sinn. An der Stad Lëtzebuerg selwer ginn et gréisser Residenze mat méi Kellere an Garagen, déi doduerch méi 'attraktiv' fir Abriecher sinn. Et ginn awer elo do keng Quartieren, déi méi oder manner betraff wieren, et ass haaptsächlech den Typ vu Residenz, deen entscheet (grouss oder kleng, ofgeséichert oder net, Diere/Garagen déi opstinn oder net, etc.).

Och and dësem Beräich setzt d'Police den Haaptaccent op d'Präventioun. Sämtlech Syndicen vu Residenze sinn, souwäit bekannt, säitens der Police ugeschriwwen an invitéiert ginn, fir déi spezifesch Protectiounsmesure géint Keller- a Garagenabréch, déi säitens der Police opgestallt goufen, un d'Bewunner weider ze leeden/ze verdeelen. Donieft ginn et och direkt Berodunge speziell fir Bewunner vu Residenzen an d'Stad Lëtzebuerg huet an hirem 'City-Mag', wéi aner Gemengen et och änlech gemeet hunn, déi Précautionsmesure publizéiert, fir se breet ze verdeelen.

Ad 8)

An der Region Capitale goufen an deem spezifischen Zäitraum ronn 35% méi Abréch/Abrochsversich bei bewunnten Immeuble konstatéiert par Rapport zu den anere Policeregionnen, wougéint bei onbewunnten Immeublen ronn 25% méi Infractiounen vun där Zort am Rescht vum Land konstatéiert goufen par Rapport zu der Region Capitale.

Ad 9)

Am Ament huet d'Police e gudden Recrutement lafen an ass zouversichtlech, déi 200 zousätzlech Polizisten*innen och ze fannen. D'Formation professionnelle de base dauert 2 Joer, mat enger Phase de Formation vun engem Joer op der Policeschoul an enger Phase d'initiation pratique an enger Police-Unitéit, déi och ee Joer dauert. Nom 1. Joer leen d'Stagiaren ee Serment spécial of a sinn dann APJ an APA. Sie kennen demno am 2. Joer schon mat erausfueren an sinn net méi just Observateur, wie daat bis elo emmer de Fall war.